




# Lëtzebuerger Studenten Zürich








Informatiounsbroschür 2023

# Inhalt

**Inhalt** 1

**Virwuert vum President** 2

**Checklëscht** 3

**Zürich, wou ass dann dat?** 4

Fréier sinn et och scho Schwäizer ginn... 4
Little Big City 4
Money makes the world go round... 5
ETH an Uni 5
Schwäizer schaffen net ëmmer!!! 5
Wat een ausserdeem nach maache kann... 6

**D'ETH Zürich** 7

Wat ass d'ETH Zürich? 7
Wat kann een alles do studéieren? 7
Studieberodung 7
Wéi ass d'Studium agedeelt? 7
Stagen 9
Wéini a wéi gëtt een op der ETH ugeholl? 10
Opnamprüfung 11

**D'Uni Zürich** 12

Wat a wéi studéiert een op der Uni? 12
Wéini gëtt een op der Uni ugeholl? Wéi mellt een sech un? 12

**Wat soss nach wichteg ass** 14

Logement 14
Wat kascht wéivill? 17
Wou kommen d'Suen hir, wou ginn se hin? 19
Verschiddenes 19

**Den LSZ** 23

**Weider Informatiounen** 27

**All wichteg Adressen op ee Bléck** 28

**Sponsoren** 30

**Impressum** 32

# Virwuert vum President

Léif Lieserin, léiwe Lieser,

Wéi all gudde Schüler bass och du bestëmmt grad immens beschäftegt domadder deng Lycéeszäit mat Erfolleg ofzeschléissen. Wann s du däin Diplom bis an der Hand hues stinn dir ganz nei Dieren op an du wäerts dech froen wéi et dann fir dech soll weidergoen. Mir, als LSZ, probéieren dir bei dengem Choix behëlleflech ze sinn. Natierlech ass dës Entscheedung eng immens Wichteg, déi och de spéidere Verlaaf vun dengem Liewe wäert prägen. Jiddereen vun eis huet dëse Prozess duerchlieft an wees genau wéi s du dech fills.

Genau aus dem Grond hunn mir des Broschür zesummegestallt. Huel der deng Zäit an kuck der eng Kéier un, wat dech zu Zürech sou erwaart.

D'Schwäiz huet niewent Bierger, Skifueren, gudde Schockela, Kéis, Aueren, Banken,... och nach vill aneres ze bidden! Virun Allem Zürech, als gréissten Staat aus der Schwäiz, ass räich u schéine Plazen wéi och u flotten Aktivitéiten. Niewent dem Zürisee an der Limmat (sou heescht de Floss zu Zürech), déi eng super Méiglechkeet bidde fir sech (bei enormer Waasserqualitéit) eng Kéier ofzekillen, huet Zürech och vill Stroossefester ze bidden, bei deenen déi ganz Staat zesumme feiert. E weidere Virdeel ass natierlech och, dass een mat enger Stonn Trajet schon op de Skier ka stoen.

Nieft der héijer Liewensqualitéit ass d'ETH (Eidgenössische Technische Hochschule der Schweiz), déi eng vun den Top Universitéiten op der Welt ass, och zu Zürech situéiert. D'ETH ass virun Allem an der Mathé, an der Architektur, an den Ingénieursstudiegäng, an der Physik, an Informatik wéi och an der Chemie ganz staark an allen internationale Rankings vertrueden.

Mais och wann et dech éischter Richtung Ökonomie, Droit oder sozialwëssenschaftlech Fächer zitt, hues du op der UZH eng super Uni zu Zürech, déi och all Joers erëm mat top Platzéierunge kann iwwerzeegen. Niewent deenen zwee groussen Unien gëtt et och vill Méiglechkeeten aner Studien ze maachen: am Beräich vun der Konscht op der Zürcher Hochschule der Künste (ZHdK), am Domaine vun den Wëssenschaften d'Zürcher Hochschule für Angewandte Wissenschaften (ZHAW)
oder och un der Pädagogische Hochschule Zürich (PH Zürich).



Ech perséinlech fannen, dass Zürech och eng ideal gréisst huet: Et ass eng richteg Staat an trotzdem net komplett oniwwersiichtlech an anonym. Den Haaptgrond firwat sech all Lëtzebuerger awer zimmlech séier wuel fillt, ass den LSZ (Lëtzebuerger Studenten Zürech) deen sou lues op säin 100. Geburtsdag zousteiert. Mir sinn een vun den aktiivsten Cerclen mat Eventer wéi enger Clubrees, engem Skiweekend oder eisem legendären Intercercle, dem Clear the Bottles, bei deem Studenten aus ganz Europa bei eis op eng Party kommen. Et ass mir awer och wichteg ze soen, dass niewent den Haapteventer och vill e bësse méi kléng Saachen während dem Joer stattfannen fir de Stress vum Studium ze kompenséieren. Eist wichtegst Event bleift awer den Zürcher Bal, deen (no der traureger Covid-Zäit) d'lescht Joer endlech seng 60. Editioun konnt feieren. Den Zürcher Bal ass de gréissten an beléifteste Studentebal mat iwwer 4000 Leit. Sollt däi Choix op Zürech falen, kanns och du um Zürcher Bal matschaffen oder suguer matorganiséieren, falls du interesséiert bass dech am Comité ze engagéieren.

Wann ech dech mat dëse Wieder emmernach net vun Zürech iwwerzeege konnt, dann sinn ech mer secher, dass des Broschür dir däi Choix wäert vereinfachen. Falls du nach Froen hues, déi hei net geklärt goufen, dann kanns du dech gäre bei eis (comite@lsz.lu) mellen oder op eisem Site (lsz.lu) no weideren Informationen sichen.

Vill Spaass beim Liesen, an hoffentlech bis am September!

Paul Mangers
President LSZ





# Checklëscht

## Virum Studium ...

- ☐ Zulassungsbedingungen vun der ETH/Uni gekuckt (S.10/S.12)
- ☐ Deadline fir meng Umellung gecheckt (S.10/ S.12)
- ☐ Alleguer déi néideg Dokumenter prett an ageschéckt (S.10-13)
- ☐ (Opnamprüfung ETH (S.11))

## Ech sinn ugeholl, an elo ?

- ☐ Budget (S.17)
- ☐ Wunnengssich (S.14)
- ☐ Umeldung an Ausländerausweis(S.16-17)
- ☐ Bankkonto (S.19)
- ☐ Krankeversécherung (S. 21)
- ☐ Auto a Führerschäin (S.19-20)
- ☐ Transport Lëtzebuerg - Zürech (S.22)
- ☐ Ëffentlechen Transport zu Zürech (S. 17-18)

## Wat maachen zu Zürech ?

- ☐ Den LSZ (S.23)
- ☐ Sport (S.21-22)
- ☐ Fester zu Zürech (S.5-6)
- ☐ Wat leeft soss nach zu Zürech (S.6)





# Zürech, wou ass dann dat?

Zürech läit am Schwäizer Mittelland (do wou et nach relativ platt ass) um nërdlechen Enn vum Zürichsee, deem sechst-gréisste Séi an der Schwäiz. Den Zentrum vun der Stad läit um Séi an u béide Säite vun der Limmat, dem Floss, deen aus dem Séi erausfléisst. Deen héchste Punkt läit um Uetliberg mat 871 Meter; esou platt ass d'Mittelland also awer net. Wann ee Chance huet, kann een esouguer d'Alpe gesinn, eng Vue, déi een net onbedéngt derzou opfuerdert an d'Virliesung sëtzen ze goen... Mat ronn



430.000 Awunner ass Zürech déi gréisste Stad an der Schwäiz; de Kanton Zürech ass mat bal 1,5 Milliounen Awunner och deen am meeschte bewunnte Kanton.

## Fréier sinn et och scho Schwäizer ginn...

Déi éischt Siidlungen an der Regioun sinn ëm 4300 v.Chr. entstanen. 15 v. Chr. gouf d'Mittelland vun de Réimer besat. Do, wou haut de Lindenhof ass, gouf eng Befestegung gebaut, ee klengen Hafen an natierlech ee gehëtzte Bad ugeluecht. Dat Ganzt hunn si Turicum genannt. No de Réimer koumen d'Alemannen, bis ëm 1519 den Huldrych Zwingli d'Reformatioun zu Zürech agefouert huet. Wéi iwwerall an Europa, ass et ëm 1800 och an der Schwäiz zu enger Revolutioun mat der Aféierung vun enger éischter Helvetescher Republik komm. Wéi dës kuerz dono zesummegefall ass, huet den Napoleon der Schwäiz eng Verfassung diktéiert. Mëtt 19. Joerhonnert gouf dës Verfassung a groussen Deeler revidéiert, an ënnert anerem de Referendum, ee wichtegen Deel vun der Schwäizer Demokratie, agefouert. Ufank 20. Joerhonnert, ass Zürech massiv gewuess, a fänkt un vun der Industrialiséierung ze profitéieren, et gi 15 Gemengen aus der Regioun mat an d'Gemeng Zürech abezunn. Nom Krich hält de Winston Churchill ausgerechent zu Zürech eng bekannte Ried iwwert d'Noutwennegkeet vun engem vereenten Europa.

## Little Big City

Zürech brauch sech fir seng relativ bescheide Gréisst awer net hannert den aneren europäesche Metropolen ze verstoppen. Am kulturelle Liewen ass ëmmer eng lass an och fir Touriste lount sech e klengen Ausfluch. Kulturell Highlighte sinn ënnert anerem: d'Niederdorf, d'Bahnhofstrasse, de Lindenhof, de Limmatquai, d'Opernhaus an déi sëllech Kierchen, fir der nëmmen e puer ze nennen. Zürech ass eng aussergewéinlech schéin a propper Stad, déi sech ronderëm d'Alstad an den Däller vun der Limmat an der Sihl opgebaut huet.
[www.zuerich.com]

Et ginn och eng Hällewull Méiglechkeeten sech um kulturelle Plang ze betätegen. Dat geet vu Concerten, Festivaller, Musicallen, iwwert Operen, Ausstellungen, an Theateropféierunge bis hin zu Stroossefester a Festivaller an der ganzer Stad.
[www.ticketcorner.ch] [www.opernhaus.ch]
[www.kunsthaus.ch] [www.schauspielhaus.ch]

Sportlech brauch Zürech sech och net mat senge Profiequippen am Fussball an Äishockey ze verstoppen. Op alle Fall lount et sech ee mol de Wee an de Stadion ze fannen.
[www.gcz.ch] [www.fcz.ch] [www.zsclions.ch]



## Money makes the world go round...

Zürch ass de Wirtschaftszentrum vun der Schwäiz, besonnesch markant ass den extrem grousse Finanzsecteur. Wéi Lëtzebuerg, baséiert d'Zürecher Wirtschaft op Déngschtleeschtung, dorënner falen net nëmmen d'Banken a Versécherungen, mee och d'Berodung vun Entreprisen an d'Immobilieverwaltung. Donieft huet awer och eng Rei international Industrie hire Sëtz oder eng Filial zu Zürech.
[www.awa.zh.ch] [www.six-group.com]
[www.greaterzuricharea.ch]

## ETH an Uni

Zu Zürech gëtt et souwuel eng Uni wéi och eng Technesch Héichschoul (ETH). D'ETH Zürich, déi 1855 gegrënnt gouf, ass weltwäit gutt ugesinn, an dat virun allem duerch d'Fuerschung déi hei bedriwwe gëtt. Am Ganze ginn et 16 Departementer, déi an der Fuerschung an ënnerschiddlechste Beräicher vu Verkéiersplanung bis Kriibsfuerschung täteg sinn. Un der ETH schaffe ronn 565 Professeren an iwwer 11'000 zousätzlech Ugestallter fir méi wei 20'000 Studenten an Doktoranden (dovu 37% Auslänner an eng Honnert Lëtzebuerger) ze beschäftegen. Eréischt 2018 krut den Alessio Figalli, e Mathematik Professer op der ETH, d'Fields Medail an huet sech domadder agereit an d'Lëscht vun ETH Studenten a Professeren déi en international renomméierte Präis gewonnen hunn, dëst nieft Berühmtheete wéi den Einstein, Röntgen an Pauli.
[www.ethz.ch]

D'Universität Zürich ass déi gréisst Schwäizer Héichschoul an ass ebenfalls e wichtege Standuert fir d'Fuerschung. Mat méi wéi 26'000 Studenten, op 7 Fakultéiten, ass se e gutt Stéck méi grouss wei d'ETH, huet awer nëmme knapp 9'900 Mataarbechter, dovunner 735 Professeren. A Saache Fuerschung muss d'Uni sech net hannert der ETH verstoppen, si zielt zu deene beschten an Europa am Beräich Klinesch Medezin, an ass a 5 Beräicher zu där beschter Schwäizer Uni ernannt ginn. Sou kënnt zum Beispill den Nobelpräisgewënner fir Medezin vun 1996, den Rolf M. Zinkernagel vun der Uni. An der Fuerschung schaffen d'Uni an d'ETH enk zesummen. Obschonns d'Uni vill méi Studenten huet, sinn di meeschte Lëtzebuerger ob der ETH.
[www.uzh.ch]

## Schwäizer schaffen net ëmmer!!!

Déi 2 wichtegst Fester an der Stad, baséieren op laangjäregen Traditiounen a sinn d'Sechseläuten (spréch: "Sächsilüüte") an d'Knabenschiessen. D'Sächsilüüte ass eng Kavalkad vun den Zünften duerch d'Stad. Membere vun dësen Zünften (si entsprieche méi oder wéineger dem lokale Who's Who vum Regierungsmember bis hin zum "einfache" Räichen), spadséieren an traditionellen Truechten hannert enger Musekskapell duerch d'Stad. An dann nomëttes um 6 Auer, gëtt de Böög verbrannt. De Böög ass ee stréiene Männchen, deen op engem risegen Holzkoup steet. Wat säi Kapp méi séier explodéiert, wat de Summer méi schéi gëtt. Et ass also souzesoen eng Zürecher Variant vum Buergbrennen.
[www.sechselaeuten.ch]

Beim Knabenschiessen geet et virun allem ëm ee Schéissconcours fir Jugendlecher tëschent 12 a 16 Joer. Am interessantsten ass dann awer den Nieweprogramm, nämlech déi gréisste Chilbi (Kiermes) vun der Schwäiz.
[www.knabenschiessen.ch]

All dräi Joer, d'nächste Kéier 2023 ass dat gréisste Fest an der Schwäiz: d'Zürifäscht. Wärend dräi Deeg steet d'Stad esou zimlech op der Kopp, wa ronn 2 Millioune Besicher sech ob Grillfester, Partyen a Concerten amuséieren.
[www.zuerifaescht.ch]

D'Street Parade, déi et scho säit Ufank vun den 90er gëtt, huet d'Loveparade vu Berlin als gréissten Technoparty ofgeléist. All Joer am August rave bal eng Millioun Technofreaken am Zentrum vun der Stad. Trotz Examenszäit ass et bal ee Muss fir do dobäi ze sinn.
[www.streetparade.ch]

## Aner wichteg Datumer zu Zürech

Weltklasse Zürich, ee grousse Liichtathletikmeeting aus der Diamond League.
[www.weltklasse.ch]

Expovina, eng grouss Wäinausstellung op Schëffer um Zürisee. Dat huet de Virdeel, datt een als Excuse fir all fälleg Koordinatiounsproblemer ka behaapten et wier ee just e bëssi séikrank...
[www.expovina.ch]



Monday Night Skate, wou sech all zweete Méinden am Summer d'Skater vun Zürech treffen (bis zu 5000 Leit) fir e klengen Tour duerch d'Stad ze maachen.
[www.nightskate.ch]

Freestyle, hei trefft sech d'Weltklass vun de Mountainbiker an Skateboarder déi spektakulär Tricke maachen. Dat ganzt ass am September beim Séi, an war 2019 während dem Züri-Fäscht.
[www.freestyle.ch]

## Wat een ausserdeem nach maache kann...


Jiddwereen, deen sech Zürech eraussicht fir do ze studéieren, huet wierklech keng Schwieregkeeten seng Fräizäit ze verbréngen, an dat net well d'Schoul een esou staark beschäftegt, datt ee guer keng Fräizäit méi hätt. Esou kann een am Wanter relativ liicht a schnell an d'Schigebidder kommen an sech e bëssi sportlech betätegen, am Summer dann huet een de Séi direkt viru senger Dir. Vun der Uni an der ETH aus ginn iwwer 120 Sportaarte vu Fussball iwwer Golf, Paragliding, Danzen, Snowboard, Inlineskating, bis hin zu Yoga, Sauna an Entspannungstraining ugebueden.

No de Virliesunge kann ee mat Kollegen duerch d'Niederdorf spadséieren a ganz interessant Plazen entdecken. Hei fënnt een esou zimlech alles: Kleederbutteker mat dem "dernier cri" aus aktuellster Moud, awer och der mat "normalem" Sortiment, Bistroen, Pub'en a Restauranten, Kinoen, Jazzkelleren, etc. Ween sech et natierlech leeschte kann, kann och emol an d'Bahnhofstrasse akafe goen, oder op mannst sou maache wéi wann. An owes ass eng Hällewull Leit an der Stad. Déi kleng Gässelcher a Bistroe sinn net sele strubbelvoll, an an de Puben ginn och emol d'Dëscher aus dem Wee geraumt fir eng Danzpist z'improviséiere well d'Musek einfach ze



gutt ass fir roueg stoen ze bleiwen. An och a punkto Disco an Clube kann Zürech mat deenen gréisste mathalen, well hei ass vun Elektro iwwer Techno bis zum Rock fir jiddereen eppes dobäi. Partye ginn et der all Dag genuch et muss een sech just kënnen decidéieren. Ween sech also owes zu Zürech langweilt, deen ass selwer schold, oder huet seng Sue schonn de Weekend virdrun ausginn.
[www.zuerich.usgang.ch]
[www.students.ch] [www.asvz.ch]





# D'ETH Zürich

## Wat ass d'ETH Zürich?

Un der Eidgenössischen Technischen Hochschule zu Zürech (ETHZ) kann ee praktesch nëmmen Natur- an technesch Wëssenschafte studéieren. D'Schoul ass ganz modern equipéiert a bitt esou optimal Konditioune fir Studium a Fuerschung. D'ETH ass eng vun de renomméiertsten Universitéite weltwäit a lant reegelméisseg an den Top 10 vun den internationalen Universitéitsrankingen.
[www.ethz.ch]



## Wat kann een alles do studéieren?

All d'Studiëgäng déi d'ETH ubitt fannt der an der Tabell op der nächster Säit.

## Studieberodung

Op der ETH gëtt et awer och eng Studienberatungsstelle, déi iwwert all méiglech Studiëgäng Auskonft gëtt an och Dokumentatioun derzou huet:

Rebecca Ridolfi
ETH Zürich, StS, Büro HG F 69.2
Tel.: +41 (0)44 633 4902
E-Mail: rebecca.ridolfi@sts.ethz.ch
studienberatung@sts.ethz.ch

Wann ee sech nach net ganz sécher ass, wat ee studéiere soll, da kann dës Platz engem sécher weiderhëllefen, well d'Studienberaterin op all är Froe kann äntweren. Eng gutt Méiglechkeet ass och sech iwwer Internet iwwert déi verschidde Studiëgäng z'informéieren.
[www.sts.ethz.ch] [www.ethz.ch/studium]

## Wéi ass de Studium agedeelt?

Op der ETH sinn all Studiëgäng vum traditionelle System op den international unerkannte Bachelor/Master-System ëmgestallt ginn. De Studium ass folgendermoossen agedeelt:

| Semester | Prüfungen | Credits | Titel |
|---|---|---|---|
| Bachelor-Studium: | | | |
| 1. + 2. | Basisprüfung* | 60 | |
| 3. – 6. | Semesterprüfungen, Bachelorarbecht | 120 | Bachelor |
| Master-Studium: | | | |
| 7. + 8. | Semesterprüfungen | | |
| 9. | Masterarbecht | 90 - 120 | Master |

*A ville Studiengäng ass den Basisprüfungblock opgedeelt an ee Block am Wanter an een am Summer.

| | |
|---|---|
| **Architektur und Bauwissenschafen** | |
| Architektur | Bsc ETH Arch.<br>Msc ETH Arch. |
| Bauingenieurwissenschaften | Bsc ETH Bau-Ing.<br>Msc ETH Bau-Ing. |
| Umweltingenieurwissenschaften | Bsc ETH Umwelt-Ing.<br>Msc ETH Umwelt-Ing. |
| Raumbezogene Ingenieurwissenschaften | Bsc ETH Raumbez.-Ing. |
| Geomatik und Planung | Msc ETH Geomatik-Ing. |
| **Ingenieurwissenschaften** | |
| Maschineningenieurwissenschaften | Bsc ETH Masch.-Ing.<br>Msc ETH Masch.-Ing. |
| Elektrotechnik und Informationstechnologie | Bsc ETH EEIT<br>Msc ETH EEIT |
| Informatik | Bsc ETH Inf.-Ing.<br>Msc ETH Inf.-Ing. |
| Materialwissenschaft | Bsc ETH Mat.-Wiss.<br>Msc ETH Mat.-Wiss. |
| **Naturwissenschaften und Mathematik** | |
| Mathematik | Bsc ETH Mathematik<br>Msc ETH Mathematik |
| Rechnergestützte Wissenschaften | Bsc ETH RW<br>Msc ETH RW |
| Physik | Bsc ETH Physik<br>Msc ETH Physik |
| Chemie | Bsc ETH Chemie<br>Msc ETH Chemie |
| Chemieingenieurwissenschaften | Bsc ETH Chem.-Ing |
| Chemie- und Bioingenieurwissenschaften | Msc ETH Chem. Bio.-Ing |
| Interdisziplinäre Naturwissenschaften | Bsc ETH Interdisziplinäre Naturwissenschaften<br>Msc ETH Interdiszipinäre Naturwissenschaften |
| Biochemie - Chemische Biologie | Bsc ETH Biochem Chem Biol |
| Biologie | Bsc ETH Biologie<br>Msc ETH Biologie |
| Pharmazeutische Wissenschaften | Bsc ETH Pharm.-Wiss.<br>Msc ETH Pharm.-Wiss |
| **Systemorientierte Naturwissenschaften** | |
| Erd- und Klimawissenschaften | Bsc ETH Erdw.<br>Msc ETH Erdw. |
| Umweltnaturwissenschaften | Bsc ETH Umwelt-Natw.<br>Msc ETH Umwelt-Natw. |
| Agrarwissenschaften | Bsc ETH Agr.<br>Msc ETH Agr. |
| Lebensmittelwissenschaften | Bsc ETH Lm<br>Msc ETH Lm |
| Gesundheitswissenschaften und Technologie | Bsc ETH HST<br>Msc ETH HST |
| Human,edizin (besondere Aufnahmebedingungen) | |

**Zousätzlech gi folgend Masterstudiegäng mat besonnegen Opnahmebedéngungen ugebueden**

Raumentwicklung und Infrastruktursysteme, Integrated Building Systems, Verfahrenstechnik, Mikro und Nanosysteme, Nuclear Engineering, Robotics, Systems and Control, Biomedical Engineering, Energy Science and Technology, Computational Biology and Bioinformatics, Biotechnologie, Data Science, Statistics, Quantitative Finance, Hochenergiephysik, Neural Systems and Computation, Medicinal and Industrial Pharmaceutical Sciences , Applied Geophysics, Atmospheric and Climate Science, Management, Technologie und Ökonomie, Comparative and International Studies, Geschichte und Philosophie des Wissens, Science, Technology and Policy. [https://ethz.ch/de/studium/master/studienangebot.html]

Dës Tabell ass just indicativ an entsprécht enger Aart Standardstudium. Et ass gutt méiglech, dass de Bachelor oder Master e Semester méi laang ginn. Ofhängeg vum Studiegang fält d'Bacheloraarbecht och ewech.

All Kreditpunkte kënnen am European Credit Transfer System (ECTS) ugerechent ginn. Den ECTS vereinfacht den Austausch op déi meeschten Unien an Héichschoulen innerhalb vun Europa, a steet och an engem enken Zesummenhang mat der Konventioun vu Bologna.




Wann een eng Prüfung bei der éischter Kéier net packt, däerf ee se nach eng zweete Kéier maachen. Et verléiert een awer net onbedéngt Zäit, well et kann ee normal mam Studium virufueren. No enger zweete Kéier Duerchfale kann een zwar trotzdeem op der ETH bleiwen, mee et däerf een déi Prüfung net nach eemol widderhuelen, wat een vu verschidde Studiëgäng ausschléisse kann. Mat der Masteraarbecht ass et an der Reegel méiglech a 5 Joer mam komplette Studium fäerdeg ze ginn.

Ee Studiëjoer besteet aus engem Hierscht- an engem Fréijoerssemester (et kann een awer nëmmen am Hierschtsemester mam Bachelor-Studium ufänken). D'Hierschtsemester fänkt Mëtt September un an dauert bis Enn Dezember, d'Fréijorssemester ass vun Enn Februar bis Enn Mee, béid dauere 14 Wochen. [https://ethz.ch/services/de/news-und-veranstaltungen/akademischer-kalender.html]

All Joer ginn et zwou Examenssessiounen: eng am Wanter (Enn Januar) an eng am Summer (Ufank August). Verschidde Studiëgäng hunn am éischte Joer am Wanter keng Examen. Ab dem 3. Semester hunn déi meescht awer no all Semester eng Examenssessioun. D'Examen am Bachelor bestinn an deene meeschte Fäll aus „Blockprüfungen", do zielt déi aus mat Koeffiziente berechent Moyenne vun e puer Examen, et muss een also net onbedéngt all Exame packen. Spéider am Studium kommen dann éischter Eenzelexamen. Wärend dem Semester kënne kleng Tëscheklausure sinn, déi jee no Fach bis zu engem Drëttel vun der Endnote kënnen ausmaachen.

## Stagen

Maschinnebauer mussen am Bachelor 5 Wochen Handwierksstage maachen, deen een zu Lëtzebuerg ënner anerem bei Arcelor-Mittal, Paul Wurth, Goodyear oder der CFL maache kann. Am beschten ass et, wann s de dee virum Studium oder tëscht dem 1. an 2. Semester méchs. Am Master musse Maschinnenbauer, Materialwëssenschaftler an Elektrotechniker 12 Wochen Industriepraktikum maachen. Weider Informatioune kriss du beim Studiensekretariat.



Architekturstudente mussen 12 Méint Stage maachen, dovu mindestens 6 Méint hannerteneen op der selwechter Platz. Déi meescht maachen dowéinst nom Bachelor ee Joer Paus an deem se hire Praktikum maachen. Als Architekt dauert däi Studium also 1 Joer méi laang.

Och déijéineg, déi Ëmwelt- an Naturwëssenschafte studéieren, mussen am 7. Semester e Stage maachen.

A verschiddenen anere Studiëgäng ass och een obligatoresche Stage ze maachen, mee dat ass meeschtens eréischt am Master de Fall.

Och wa keng Stage virgeschriwwe sinn, soll een trotzdeem wärend dem Studium dovu profitéiere Praxiserfarung an der Industrie ze sammelen.

## Wéini a wéi gëtt een op der ETH ugeholl?

Als Opnambedéngung fir d'ETH muss een an der Moyenne vu Mathé, enger Wëssenschaft an enger Sproch mindestens 40/60 (et gëtt net geronnt) hunn. Dëst gëllt allerdéngs nëmme fir d'Sektioune B, C an I.

D'Moyenne gëtt folgendermoosse gerechent:

| | |
|---|---|
| Mathematik I an II (Moyenne) | 1/3 |
| Bescht Nummer vu Physik, Chimie oder Biologie | 1/3 |
| Bescht Sprooch | 1/3 |

Natierlech gëllt fir d'Sektioun B keng Bio, fir d'Sektioun I gëllt keng Bio an keng Chimie, an fir d'Sektioun C brauch ee keng Moyenne an der Mathé ze rechnen. Bei der B zielt d'Mathematiques II mat der Informatik zesummen, well se net getrennt um Diplom ugeschriwwe ginn.

D'Studente vun deenen anere Sektiounen, oder déi d'Moyenne net hunn, mussen e reduzéierten Opnamexame schreiwen, deemno wéi d'ETH et decidéiert. D'Sektioun A huet an der Schwäiz schlecht Kaarten, si gëtt net méi als Ofschloss unerkannt, well se net déi gefuerdert Wëssenschafte beinhalt. Studente vun enger A mussen also de kompletten Opnamexame maachen, wat enger Schwäizer Matura entspriécht. Weider Infos fannt dir um Site vun Swissuniversities.
[https://www.swissuniversities.ch/themen/studium/zulassung-zu-den-universitaeren-hochschulen/laender#LU]

Fir sech unzemellen, muss ee sech bis spéitstens den 30. Abrëll online op folgendem Link bewerben:
[http://www.bewerbung-bachelor.ethz.ch]

D'Umeldeformulaire muss een erausdrecken a mat folgenden Dokumenter

- Passfoto (Original)
- Tabellarësche Liewenslaf
- D'Zensure vun deenen 3 leschte Joren (3ème, 2ème a 1ère; déi vum 1. Semester wëllen se an der Reegel och gesinn)
- Zahlungsnachweis vun der Anmeldegebühr (CHF 150 fir Auslänner) soss kucken se deng Demande guer net

u folgend Addresse schécken:

Zulassungsstelle
ETH Zentrum
Anmeldung Bachelor
HG F 21.3
Rämistrasse 101
CH-8092 Zürich
Tel.: +41 (0)44 633 82 00
09-11 Uhr und 14-16 Uhr
E-Mail: zulassung@ethz.ch

Nom Exame schécks du hinnen dann d'Original (eng Copie Conforme geet net duer) vum Diplom an eng Copie Conforme vun denger Carte d'Identité an. Der ETH ass bekannt, datt d'Lëtzebuerger Studenten hiren Diplom eréischt Ufank Juli kréien. Et ass dofir kee Problem wann een dee eréischt no



der Frist eraareecht soulaang ee sech awer bis den 30. Abrëll beworben huet an hinne matgedeelt huet, datt den Diplom nokënnt. Allgemeng bleift ze soen dass mëttlerweil vill Korrespondenz per Mail geet. Et lount sech also d'Mailbox reegelméisseg ze checken. D'ETH réit souguer, datt een sech bei hinne mellt (Email: zulassung@ethz.ch) wann een iergendwellech Fristen net kann anhalen oder soss Mëssverständnesser optauchen.
[https://ethz.ch/de/studium/bachelor/bewerbung/auslaendische-reifezeugnisse/bewerbungsprozess.html]

Fir d'Zouloossung an ee Masterstudiëgank gëllen aner Konditiounen an Fristen. Am beschten informéiert een sech beim jeeweilegen Departement.
[https://ethz.ch/de/studium/master/bewerbung.html]

## Opnamprüfung

Eng "reduzierte Aufnahmeprüfung" muss theoretesch jiddwereen maachen, dee vun de Sektiounen D, E, F, G kënnt oder dee vun de Sektioune B, C kënnt an d'Moyenne net huet. Mir rode jidderengem, deen theoretesch déi reduzéiert Prüfung misst maachen, sech domm ze stellen an trotzdeem ze probéieren, sech unzemellen.



Fir déi, déi d'Prüfung trotzdeem musse maachen: den Termin fir d'Opnamprüfung ass Mëtt August.
[https://ethz.ch/de/studium/bachelor/bewerbung/auslaendische-reifezeugnisse/zulassungsvoraussetzungen.html]


Et kann een sech awer net direkt fir d'Opnamprüfung umellen. Fir d'éischt brauch een en Zulassungsentscheid vun der Zulassungsstelle. D'Prüfung selwer ass op Däitsch iwwert Mathé, Physik, Chimie a Biologie.

Den AKAD an d'Privatschoul ExamPrep GmbH (Frau Freimann) bidde Virbereedungscourse fir den ETH Opnamexamen un. Dëst geet vu Coursen iwwert ee ganzt Semester, bis zu eenzele Lektiounen am Summer virun den Examen. Dee Spaass ass allerdéngs net ganz bëlleg. Wann's du plangs d'Opnamprüfung ze schreiwen, da mell dech einfach beim Comité [comite@lsz.lu], mir kënnen dech mat Leit verbannen déi d'Opnamexame geschriwwen a gepackt hunn. Déi kënnen der wäertvoll Tipps ginn.

[http://www.akad-college.ch/]
[http://www.hochschulvorbereitung.ch/]

Déi "umfassende Aufnahmeprüfung" däerf jiddwereе maachen, egal vu wéi enger Schoul e kënnt. Deen Examen ass equivalent mat der Matura (Première an der Schwäiz).

Ee Joer op der Uni Lëtzebuerg gëtt net ugerechent. Dat geet esouguer sou wäit, datt een, deen d'Moyenne vun 40/60 am Premièresexamen net hat an deen een Joer op der Uni.lu gemaach a gepackt huet, trotzdeem nach déi reduzéiert Opnamprüfung maache muss.



Kontaktadress fir Studieninformatiounen an allgemeng Informatiounen:

Rebecca Ridolfi
ETH Zürich, StS, Büro HG F 69.2
Tel: +41 (0)44 633 49 02
E-Mail: rebecca.ridolfi@sts.ethz.ch

Gabriele Kläy Schönenberger
ETH Zürich, StS, Büro HG F 69.2
Tel.: +41 (0)44 632 6051
E-Mail: gaby.klaey@sts.ethz.ch
[https://ethz.ch/de/die-eth-zuerich/organisation/abteilungen/studentische-dienste.html]

Kontaktadress fir d'Umeldung:

Zulassungsstelle
ETH Zentrum
Anmeldung Bachelor
HG F 21.3
Rämistrasse 101
CH-8092 Zürich
Tel.: +41 (0)44 633 82 00
E-Mail: zulassung@ethz.ch



# D'Uni Zürich

### Wat a wéi studéiert een op der Uni?

All d'Studiegäng déi d'Uni Zürich ubitt fannt der an der Tabell op der nächster Säit oder op folgenden Websäiten.
[http://www.degrees.uzh.ch/de/bachelor/ ]
[http://www.degrees.uzh.ch/de/master/ ]

Den Oflaf vum Studium op der Uni ass net esou fest gereegelt wéi op der ETH. Am Prinzip kann ee soen dass de Studium op der Uni, éischter engem Selbststudium entsprécht. Et huet een am Allgemengen net souvill Virliesungsstonne wéi d'Studenten op der ETH, dofir muss een awer ëmsou méi doheem schaffen, an sech selwer organiséiere kënnen.



Anescht wéi op der ETH, bitt d'Uni sougenannte Moduler un. All Modul muss eenzel gepackt gi. Wann een ee Modul net packt, kann een dat Modul widderhuelen. Wéini een dëst mëscht, ass net virgeschriwwen. Trotzdeem ass et op der Uni d'selwecht wéi op der ETH: et gi just 2 Versich pro Modul. Dozou kënnt, dass d'Uni e sougenannte Joker pro Studium ubitt. Dësen erméiglecht et engem, bei engem Modul en 3. Versuch ze schreiwen. All weider Detailer fënnt een op der Internetsäit vun der Uni, respektiv am Studienführer deen een an der Rektoratskanzelei ze kafe kritt.
[www.uzh.ch]

### Wéini gëtt een op der Uni ugeholl? Wéi mellt een sech un?

#### Medezin

Den Abléck ginn iwwerhaapt keng auslännesch Studente fir d'Grondausbildung ugeholl. Fir Studenten, déi sech spezialiséiere wëllen, ginn et awer Méiglechkeete fir ugeholl ze ginn.

#### Aner Richtungen

Am Allgemengen ass et méi liicht, fir op der Uni ugeholl ze gi wéi op der ETH (meeschtens ass keng Moyenne erfuerdert).
Mee opgepasst, obwuel op verschidde Websäite steet, datt een op der Uni ouni Problem ugeholl gëtt wann een d'Premiere gepackt huet, stëmmt dat net. D'Sektioun A gëtt och op der Uni Zürich net unerkannt. Fir ganz sécher ze goen ass et natierlech am beschten direkt bei der Uni nozefroen (admission@uzh.ch).
D'Umelle geet am Prinzip d'selwecht wéi bei der ETH - oppassen op d'Terminer. Et kann een sech fir verschidde Studiëgäng souwuel am Hierscht- ewéi am Fréijoerssemester umellen. (Am Fréijoerssemester ass den Delai den 30. November, fir d'Hierschtsemester ass et den 30. Abrëll, et kann een sech heiansdo och nach méi spéit umellen, mee dat kascht da méi.)





| | |
|---|---|
| **I. Theologische Fakultät** | |
| Religionswissenschaften | |
| Theologie | |
| **II. Rechtswissenschaftliche Fakultät** | |
| Rechtswissenschaft | |
| **III.Wirtschaftswissenschaftliche Fakultät** | |
| Wirtschaftswissenschaften | Vertiefungsrichtungen:<br>Banking and Finance, Betriebswirtschaftslehre, Volkswirtschaftslehre |
| Informatik | |
| **IV. Medizinische Fakultät** | |
| Humanmedizin | |
| Zahnmedizin | |
| **V. Vetsuisse Fakultät** | |
| Veterinärmedizin | |
| **VI. Philosophische Fakultät** | |
| Psychologie | |
| Sozialwissenschaften | Politikwissenschaften, Publizistik-und Kommunikationswissenschaften, Soziologie, Ethnologie, Populäre Kulturen |
| Sonstige | Erziehungswissenschaften, Englische Sprach- und Literaturwissenschaft, Griechische Sprach- und Literaturwissenschaft, Islamwissenschaft, Japanologie, Lateinische Sprach- und Literaturwissenschaften, Osteuropastudien, Prähistorische Archäologie und Humanökologie, Sinologie, Vergleichende Indogermanische Sprachwissenschaft, Vergleichende Romanische Sprachwissenschaft, Allgemeine Geschichte, Allgemeine Sprachwissenschaft, Computerlinguistik und Sprachtechnologie, Deutsche Sprach- und Literaturwissenschaft, Französische Sprach- und Literaturwissenschaft, Italienische Sprach- und Literaturwissenschaft, Klassische Archäologie, Kulturwissenschaft der Antike I, Kulturwissenschaft der Antike II, Kunstgeschichte, Kunstgeschichte Ostasiens, Musikwissenschaft, Osteuropäische Geschichte, Philosophie, Sinologie f. native Speakers, Klassische Sinologie, Moderne Sinologie, Skandinavistik, Slavische Sprach- und Literaturwissenschaft, Spanische Sprach- und Literaturwissenschaft, Vergleichende germanische Sprachwissenschaft |
| **VII. Mathematisch- Naturwissenschaftliche Fakultät** | |
| *Bachelor und Master:*<br>Biochemie : Biomolecular Track, Chemical Track<br>Biomedizin<br>Biologie<br>Chemie<br>Erdwissenschaften<br>Geographie<br>Mathematik<br>Physik<br>Wirtschaftschemie<br><br>*Ausschliesslich Master:*<br>Computational Science<br>Computergestützte Biologie und Bioinformatik<br>Medizinische Biologie<br>Neuronale Systeme und Informationsverarbeitung | |




# Wat soss nach wichteg ass

## Logement

### Allgemeng

Ier s du dech zu Zürech op d'Wunnengssich mëss, solls du dir iwwerleeën, wat fir eng Art vun Wunneng iwwerhaapt fir dech a Fro kënnt. Hei ginn et e puer Méiglechkeeten, wéi z. B. eleng wunne goen, mat puer Leit eng WG grënnen oder an eng bestoend WG anzéien (dëst ass weider ënne méi am Detail erkläert).



Allgemeng gëllt, dass de dech ëmmer informéiere solls, op Niewekäschten (Stroum, Waasser, Heizung) am Präis schonn mat abegraff sinn oder net.

Informéier dech och, op wat fir engem Campus deng Virliesunge wäerte sinn, et gi Studiëgäng déi haaptsächlech am Zentrum sinn, an anerer déi haaptsächlech um Campus Hönggerberg sinn. Zürech ass an verschidde Kreesser vun 1-12 agedeelt.

D'Kreesser 5, 6, 9, 10, an 11 sinn dobäi vun der Lag an vum Budget hier déi, wou am beschten geegent sinn fir eng Studentewunneng. Du kanns och ausserhalb vun Zürech, z.B. zu Dietikon, Schlieren, Regensdorf, Wallisellen, asw. eng Wunneng sichen. Do ass den Trajet fir op d'Uni méi wäit (an oft muss een och fir den ëffentlechen Transport eng Zone zousätzlech bezuelen), mee dowéinst sinn d'Präisser och méi niddreg. An verschiddene Fäll huet een awer vun deene Platzen aus eng gutt Zuchverbindung an brauch da fir op d'Uni awer nëmmen 30 Minutten, dat muss een vu Fall zu Fall kucken.

Fir eng Iddi ze kréien, wéi wäit et mam ëffentlechen Transport vun der Wunneng bis bei d'Uni ass, kanns de op www.zvv.ch nokucken, wéi laang een Trajet dauert (pass d'Auerzäit an den Wochendag un, well owes an sonndes fuere manner Busser, Zich an Trammen). Du kriss bei denger Sich och ugewisen, wéi vill Tarifzonen den Trajet huet, d'Zone 110 (Zürech) zielt dobäi als 2 Zonen, all weider Zone zielt als 1 Zone. De genauen Tarifzonenplang ass och op der Websäit ze fannen. Schlussendlech bleift nach ze soen, dass dat hei just Tipps sinn, et gi sécher nach weider wichteg Saachen an sécherlech aner Méiglechkeeten eng Wunneng ze sichen.

Falls du weess, dass du op Zürech studéiere kënns, schreif eis eng Email op comite@lsz.lu oder schreif eis op Facebook, mir huelen dech dann an eis Facebookgrupp fir zukünfteg LSZ'ler op, do ginn och heiansdo Wunnengen oder Zëmmeren dra gepost, déi fräi ginn.





Eng weider Facebookgrupp, wou all Zort vu Wunnengen oder Zëmmere gepost ginn, ass d'Säit Sharing is Caring Universities of Zurich/ETH (UZH/ETH).

### Selwer eng Wunneng sichen (eleng oder fir eng WG ze grënnen):

Wann s du schonn am Viraus weess, mat wierms du zesumme wëlls wunne goen oder dass de eleng eng Wunneng wëlls hunn, ass d'Prinzip fir eng Wunneng ze sichen dat nämmlecht. Dëst ass zwar méi opwänneg, wéi an eng bestoend WG anzezéien, mä et huet een och den Virdeel dass een eleng wunnt oder mat Leit déi een kennt. Da kanns de op enger vun den Internetsäiten ënnen no fräie Wunnenge sichen. Pass dobäi op, dass d'Zëmmerunzuel net ëmmer mat der Zuel vu Schlofkummeren iwwerenee stemmt, eng 3.5-Zimmerwohnung kann z. B. eng Wunneng mat 2 Schlofkummere sinn an 1.5 Kummer ass an deem Fall da Kichen + Wunnzëmmer!
[www.homegate.ch] [www.immoclick.ch]
[www.immo-online.ch] [www.immovista.ch]
[www.immoscout24.ch] [www.home24.ch]



[www.comparis.ch/immobilien/]
[www.immostreet.ch]

Wat d'Präisser ubelaangt, ass den Loyer vun enger Eenzelwunneng tëscht 800 an 1300 CHF, je no Lag a Confort. Generell (awer och do ginn et Ausnamen) ass et méi bëlleg, wann een z. B. zu 3 eng 3er-Wunneng hellt, wéi wann 3 Leit eng Eenzelwunneng huelen. Dës Präisser sinn just eng Richtlinn, wann een méi laang am Viraus ufänkt mat sichen, kann een och méi bëlleg Wunnenge fannen!



Sich der op den Websäiten e puer Wunnengen aus, déi dir gefalen an déi och gutt leien an kontaktéier déi Persounen. Meeschtens ginn se dir d'Méiglechkeet, eng Visitt vun der Wunneng ze maachen. Eng Visitt ass déi perfekt Geleeënheet, fir mat den Responsabelen ze schwätzen an en gudden Androck ze hannerloossen. Eppes wat hëllefräich ass, ass wann een sech am Viraus en klengen Dossier zesumme stellt, mat wichtegen Dokumenter, déi kenne gefrot ginn: Kopie vu Carte d'Identité, Kopie vun der Opnahmebestätegung vun der ETH (falls een dat nach net huet, een Dokument, dat bestätegt, dass een sech ugemellt huet), Paiziedel vun den Elteren, Kopie vun der Carte d'Identité vun den Elteren, asw. Net all dës Dokumenter gi bei all Wunneng gefrot, et ass vu Fall zu Fall ëmmer en bëssen anescht, am beschten och am Viraus nofroen, wat alles gebraucht gëtt. Et ass awer besser, en bëssen ze vill Dokumenter dobäi ze hunn wéi net genuch! No enger Visitt sichen sech d'Agencen eraus, wien d'Wunneng kritt. Fänk fréi un (z. B. am Ufank vun der Summervakanz no den Examen) eng Wunneng ze sichen an mell dech bei ville Wunnengen, fir deng Chance ze erhéijen, och bei enger Wunneng geholl ze ginn. Wann s de

vill Wunnenge wëlls kucke goen, huel der 2-3 Deeg wou s de op Zürech kënns an probéier d'Visitten op déi Deeg ze leeën.

**An eng bestoend WG/Studentewunneng anzéien:**
De Virdeel an eng WG ze zéien, déi scho besteet ass, dass een net selwer eng eege Wunneng muss sichen, dass d'Offer méi grouss ass an dass et och manner kascht (wann een vill Chance huet fënnt een en Zëmmer fir manner wéi 500 CHF). Du muss der awer och bewosst sinn, dass de déi Leit net onbedéngt



kenns an ganz oft Buedzëmmer an Kichen deele muss. Wann der zu e puer sidd, kënnt der natierlech probéieren an déi nämmlecht WG ze kommen, do muss een da vu Fall zu Fall jeeweils kucken, wat méiglech ass.

D'Woko huet eng ganz Rei Studentenwunnheemer zu Zürech. Si bidde generell Kummere fir all Studenten un, mee si hunn och eng gewëssen Unzuel un Kummere fir nei Studente reservéiert. Wann s de un enger Wunneng bei der Woko interesséiert bass, ass et am beschten, dass de dech fréi mells. Fir weider Informatioune kanns de op hirer Websäit laanscht kucken: [www.woko.ch]

Oft passéiert et, dass an enger selwer gegrënnter WG Zëmmer fräi ginn an Nachmieter gesicht ginn. Et ginn zwou Websäiten, déi sech genee op dës Aart vun Offer spezialiséiert hunn: [www.students.ch] [www.wgzimmer.ch] Op dëse Sitte fënns de virun allem fräi Zëmmer, awer et kann och sinn dass fir eng ganz Wunneng Nachmieter gesicht ginn. Wann s du un engem Zëmmer interesséiert bass, schreifs de am beschten och hei direkt eng Noriicht. Fro och hei no, wat fir Dokumenter gebraucht ginn an ob eng Visitt méiglech ass. Et kënnt oft fir, dass wann eng WG een neie Matbewunner sicht, dass eng Aart Interview mat den méiglechen neie Matbewunner gemaacht gëtt.

Um Campus Hönggerbierg sinn am September 2016 zwee Studentenwunnheemer opgaangen. Wann s du vill Virliesungen um Campus Hönggerberg hues ass dat natierlech extrem attraktiv, mä och wann s de am Zentrum Virliesungen hues ass dat praktesch, well vun der ETH aus een gratis Bus ongeféier all 10-20 Minuten an den Zentrum fiert. Am Studentewunnheem vum Livingscience ginn et 3 Aarten vu Wunnengen: Eenzelwunnengen, 2er-WGs an 6er-WGs. Op der Internetsäit vum Livingscience kann een nokucken, wat fir Wunnenge fräi sinn an sech direkt fir eng mellen. Well awer relativ seelen eng Wunneng fräi gëtt, kann een hinnen och eng Email schreiwe fir nozefroen, ob een eng Wunneng ka kréien. Méi Informatioune stinn op der Internetsäit: [www.livingscience.ch]

Daat zweet Studentenwunnheem um Campus Hönggerberg heescht Student Village, hei ginn et 6er- bis 10er-WGs. Och hei kanns de op hirem



Internetsite kucken, wat fir Zëmmeren nach fräi sinn an hinnen och direkt eng Email schreiwen, wann s de méi Informatioune wëlls hunn.
[www.studentvillage.ch]

## Openthaltsgeneemegung an Umeldung zu Zürech


Fir an der Schwäiz ze wunne brauchs de eng Openthaltsgeneemegung. Wann's de an deng Wunneng eraplënners, da muss de dech an deem fir däi Krees zoustännege Kreesbüro umellen (fro deen, deen der d'Wunneng verlount huet, wou deen ass).

Do muss du och eng Demande fir eng Openthaltsgeneemegung maachen. Dofir brauchs de:

- en Auswäis, deen nach op mannst 1 Joer gülteg ass
- 1 rezent Foto
- Erweiterte Immatrikulationsbestätigung
- eng Bescheinegung vun dengen Elteren, datt si fir däi Studium opkommen.

Dobäi kann et sech z. B. och ëm eng Bescheinegung vun der Bank handelen, déi bestätegt, datt deng Elteren iwwer déi néideg finanziell Moyene verfüge fir der de Studium an der Schwäiz ze bezuelen.

D'Openthaltseneemegung gëllt nëmme fir 1 Joer (gëtt all Joer erneiert) a kascht 110 Schwäizer Frang. Ausgestallt gëtt dës Geneemegung vum Migratiounsamt. Déi néideg Demarchen iwwerhëlt awer wéi gesot d'Kreesamt wann een sech bis do ugemellt huet.
[https://www.zh.ch/de/migration-integration/einreise-aufenthalt/personenfreizuegigkeit-eu-efta.html#1811095949]



## Wat kascht wéi vill?

**Semestergeld**
ETH: CHF 730.- pro Semester (Dobäi kommen nach ongeféier CHF 69.- Zousatzkäschten, zum Beispill den obligatoresche Bäitrag fir de VSETH, ASVZ, ...).

UZH: CHF 720.- pro Semester. Dobäi kommen nach ongeféier CHF 54 obligatoresch Beiträg fir den ASVZ,.. Dozou kënnt dann och nach, dass Lëtzebuerger en "Zuschlag Bildungsausländer/inne" vu CHF 500 pro Semester bezuele mussen.
[http://www.https://www.uzh.ch/cmsssl/en/studies/application/fees.html]

Wann s de dech zu Lëtzebuerg fir d'Aide Financière umells, da kriss de ongeféier d'Halschent vum Semestergeld rembourséiert. [www.mengstudien.lu]





**Loyer**
CHF 700-1300.- pro Mount, ofhängeg vu Lag a Confort. Däi Loyer hänkt staark dovun of, wat s du fir Erwaardungen un deng Wunneng hues. An der Reegel gëllt: Wat den Wee op d'Uni méi kuerz ass, wat d'Wunneng méi kascht. Och ass eng et méi deier eleng ze wunne wéi wann een an enger WG ass.

**Bicher a Material**
ca. CHF 150.- pro Semester (hänkt vum Studiegang of). D'Architekturstudente brauche relativ vill Material an all déi, déi am Labo schaffen, mussen nach mat zousätzleche Käschte vu ca. CHF 200 – 400.- pro Semester rechnen (Studiegäng Biologie, Chimie a Pharma).

**Iessen**
ca. CHF 350.- bis 600.- pro Mount (staark variabel; hänkt vum perséinleche Liewensstil of).

**Ëffentlechen Transport**
Wéi iwwerall an der Schwäiz ass den ëffentlechen Transport zu Zürech ganz gutt ausgebaut. De Reseau besteet aus dräi Komponenten: Den S-Bunnen déi all d'Quartieren an déi Dierfer ronderëm direkt a séier mam Zentrum verbannen, den Trammen déi

d'Haaptlinne mat grousse Passagéierzuele bedéngen an den Busser déi een ganz no un all Punkt vun der Stad bréngen. Nieft dem Vëlo ass den ëffentlechen Transport domadder déi beschte Variant fir sech an der Stad ze beweegen. Wann een méi wéi 9 Méint am Joer zu Zürech ass lount et sech also en Joresabo fir 570CHF ze huelen. A wann et um Weekend eng Kéier e bësse méi spéit gëtt, léist den Zürecher ëffentlechen Transport een och net am Stach, well et eng Rei Nuetslinnen gëtt, déi dech sécher a gesond heem bréngen. Méi Infoen zum ëffentlechen Transport fënns de op:
[www.vbz.ch] [www.zvv.ch]



**Vëlo**

Et ass och méiglech mam Vëlo vill Strecken zu Zürech z'absolvéieren (denk awer drun, dass d'Strecken net ëmmer riicht sinn). Et ginn eng ganz Rei Platzen, wou een Occasiounsvëloe kafe kann. Mëttlerweil ginn et och vill Applikatioune fir Bike-Sharing, wou een souwuel normal Vëloen wéi och E-Bikes ka benotzen.
[www.bond.info] [www.publibike.ch]

**Internet**

Et gi verschidde Méiglechkeeten Accès un den Internet ze kréien. Déi éischt ass iwwer Modem oder ADSL bei den entspriechenden Telefon Provideren.
[www.bluewin.ch] [www.salt.ch] [www.sunrise.ch]

Et gëtt och e grousst Glasfasernetz zu Zürech, wou der all Informatiounen op hirer Websäit fannt.
[https://www.ewz.ch/de/private/glasfaser.html]

Eng aner Méiglechkeet ass iwwert d'Antenn vun der Televisioun. (D'Uschlossgebühr un des Antenn ass an de meeschte Fäll an de Niewekäschte vum Loyer verstoppt. Et lount sech dëst ze kontrolléieren an am Fall wou een deen Uschloss net benotzt beim Vermieter ofzebestellen.) Heifir kritt een en extra Modem vun der Cablecom zur Verfügung gestallt.

**Handy**

Du hues ee grousse Choix u Provideren, mat Offeren déi staark änneren, jee nodeem ob s de vill am Ausland oder an der Schwäiz telefonéiers. Nodeems d'Roamingkäschten an der EU ofgeschaaft gi sinn, hunn och all d' Lëtzebuerger Provider hier Roaming-Käschte fir d'Schwäiz fale gelooss. Et mécht also Sënn och déi Lëtzebuerger Tariffer ze betruechten



an seng lëtzebuerger Nummer mam lëtzebuerger Abo ze halen. Trotzdeem ass et praktesch eng schwäizer Nummer ze hunn ( fir z.B Twint (Schwäizer Payconiq)), mee dofir ginn et Prepaidkaarten, déi een sech einfach zouleeë kann.
[www.swisscom.ch]
[www.sunrise.ch] [www.salt.ch]
[www.m-budget-mobile.ch]
[www.yallo.ch]

**Poubelle**

Fir däi Knascht zu Zürech z'entsuerge brauchs de speziell Poubellstuten, sougenannten "Züri-Säcke". Dës kriss de an all Liewensmëttelbuttek (Coop, Migros, Spar, etc.).
[www.erz.ch]
Et lount sech doheem ze recycelen, well een vill Knascht och gratis kann ofginn, esou zum Beispill Glas, Aluminium, Pabeier, Kartong, PET-Fläschen an organesch Offäll. Méi Informatiounen dozou fënnt een och um Internet.
[www.petrecycling.ch]

**Televisioun a Radio**

Wéi an Däitschland muss een sech an der Schwäiz melle, wann een e Radio oder eng Télé huet, fir Rundfunkgebühren ze bezuelen. Säit neistem ass all Apparat dee Fernseh- oder Radiosprogrammer empfänke ka gebührenpflichteg. Dozou gehéieren also och z.B. de Computer oder den Handy. Allerdéngs rode mir dir ze waarde bis d'SERAFE sech bei dir mellt. De Präis beleeft sech op 365 CHF am Joer. Des Gebühr muss awer just eemol pro Haushalt pro Joer bezuelt gi. Wat een also zu méi zesumme wunnt, wat d'Käschte fir jiddereen méi bëlleg ginn.



## Wou kommen d'Suen hir, wou ginn se hin?

Soubals de eng Wunneng an eng Openthaltsgeneemegung hues, kanns de e Kont bei enger Bank oder bei der Post opmaachen. Verschidde Banken hu speziell Studentekonten, wou s de keng "frais de compte" bezuele muss an zum Deel och eng gratis VISA/MasterCard kriss. Fir d'Nuetseile lount et sech besonnesch eng Kéier bei der ZKB ze kucken, well mam "ZKB Nachtschwärmer" kanns du Freides a Samsdes vun 19 Auer un gratis am ganzen ZVV-Netz fueren.
[www.postfinance.ch] [www.ubs.ch]
[www.credit-suisse.ch] [www.zkb.ch]

Bei der ETH kanns de scho vum 3. Semester (ofhängeg vun dem Departement) un als Hëllefsassistent schaffen (Übungen a Praktika betreien, Computer antippen). Do verdéngs de ongeféier 28 Schwäizer Frang brutto pro Stonn. (Wichteg: Kuck bei "Krankenversécherung" no, wann s du schaffen goen wëlls)

## Verschiddenes

**Auto: Führerschäin a parken**

Wann een an der Schwäiz wunnt, däerf een dem Gesetz no just dat éischt Joer mat auslänneschem Führerschäin Auto fueren. Lëtzebuerg gëtt awer als "grenznahes Ausland" ugesinn an dofir kënnen d'Lëtzebuerger Studenten nom éischte Joer eng "Bewilligung zum Benutzen eines unverzollten Fahrzeuges" kréien. Dat heescht: All Student mat dëser Geneemegung däerf mat sengem Auto mat lëtzebuergeschem Nummereschëld an Assurance ganz legal an der Schwäiz fueren. Dofir gees de bei d'"Zollamt".



Mathuele muss de:

- Pass/Identitéitskaart
- Pabeiere vum Auto (Gro Kaart)
- Legi
- Auslänneruasweis
- CHF 25.-
- Erweidert Immatrikulationsbestätegung
- Certificat de résidence (Lëtzebuerg)
- Mietvertrag vun denger Wunneng zu Zürech

Da kriss de nach en Ziedel auszefëllen, op deem se all méiglech Saache wësse wëllen; schreif drop, du géifs zwee Mol pro Mount heemfuere fir deng Famill ze besichen an du wäers an der Semestervakanz net hei. Duerno kriss de d'Geneemegung dann heemgeschéckt.

Allerdéngs brauch een dann nach eng Geneemegung fir mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren ze kënnen. Dës Demande gëtt vum Zollamt un d'Strassenverkehrsamt virugeleet, déi engem déi entspriechend Pabeieren dann zouschéckt. Do muss du dann nach eng Kéier 120 CHF

WICHTEG

WICHTEG

bezuelen. D'Autorisatioun kriss du heemgeschéckt a solls déi och zu all Moment an dengem Auto bei dir droen.
[https://www.zh.ch/de/sicherheitsdirektion/strassenverkehrsamt.html]



Eng aner Méiglechkeet besteet dran däi Lëtzebuerger Führerschäin an e Schwäizer Führerschäin ëmzeschreiwen. Wat s de heifir maache muss ass Folgendes: du gees op d'Websäit [https://www.zh.ch/de/mobilitaet/fuehrerausweis-fahren-lernen/auslaendischer-fuehrerausweis.html] a luets de Formulaire "Gesuch Umschreibung ausländischer Führerausweis" erof. Dee fëlls de aus an hëls e mat bei en Optiker fir e Sehtest ze maachen. Duerno gëss de en um Strassenverkehrsamt zesumme mam Lëtzebuerger Führerschäin of. Däin neie Schwäizer Führerschäin hues de dann e puer Deeg duerno an der Post. Dat ganzt kascht ongeféier 100 CHF plus 10 CHF fir de Sehtest. Opgepasst: wann s du en eegenen Auto mat Lëtzebuerger Plaque hues, da geet dat hei net. Da muss de Prozedur, déi uewe beschriwwen ass, duerchlafen. Fir de Führerschäin ëmzeschreiwen hues de 5 Joer Zäit no deem s de an d'Schwäiz geplënnert bass. Wann s de also herno eventuell do schaffe wëlls, dann denk drun et ze maachen. Soss muss de den Exame frësch maachen.

Wann s de mam Auto op Zürech kënns, hues de zwou Méiglechkeeten däin Auto ze parken, entweder an enger Déifgarage op der ETH-Hönggerberg oder zu Zürech selwer op der Strooss, an der sougenannter „Blauen Zone". Dofir brauchs de allerdéngs eng Parkbewilligung, déi s de bei der „Dienstabteilung Verkehr" kriss, an den Auto muss op dech agedroe sinn (gro Kaart). Di éischt Méiglechkeet (ETH) kascht CHF 1920.- d'Joer, déi zweet CHF 300.-. Fir all Besuch besteet d'Méiglechkeet online eng Parkkaart fir een Dag fir CHF 15.- ze kafen.
[www.parkkarten.ch]

## Mensa

Zimlech bëlleg kanns de an de Mensaen a Cafeteriae vun der ETH an der Uni iessen. Am Verglach zu villen auslännesche Mensaen ass d'ETH- an d'Uni-Mensa lesse gutt bis excellent. Du kanns all Mëtten an all Owend an jiddwer Mensa aus 4 bis 6 verschidde Menüen tëschent CHF 5.80 an CHF 13.- wielen. Dobäi fënns de esouguer ëmmer op mannst eppes Vegetaresches an eppes Veganes. Verschidde Mensaen hunn och wärend der Vakanz an Owes op, déi genee Ëffnungszäiten fënnt een um Internet.
[www.gastro.ethz.ch] [www.mensa.uzh.ch]

## Sport

All Student ass automatesch Member vum "Akademischen Sportverein Zürich" (ASVZ). Dee Veräin bitt der iwwer 120 Sportaarten un. Zousätzlech kanns de och an enger vun den LSZ-Equippen (Lafen, Schwammen, Fussball, Volleyball, Basketball...) matspillen. [www.asvz.ch]



Ausserdeem bedeelegt den LSZ sech all Joer un diversen sportlechen Aktivitéite, ewéi zum Beispill der SOLA-Stafette, wou eng Streck vu ronn 120 km duerch ganz Zürech an Ekippe vu 14 Leit gelaf gëtt.



## Bibliothéiken

All ETH-Student däerf d'Haaptbibliothéik (Haaptgebai H-Stack) an d'Bibliothéik vun deenen eenzelen Abteilunge fir näischt benotzen. D'Haaptbibliothéik huet déi gréisst Sammlung vu wëssenschaftlecher Literatur an Europa, an e ganz modernt elektronescht Bestellsystem (Du kanns esouguer vun doheem deng Bicher iwwer Internet bestellen, oder an eng aner Bibliothéik liweren loossen). Déi meescht Departementer hunn och nach eng eege Bibliothéik, sou gëtt et z.B. um Campus Hönggerbierg nach extra Bibliothéike fir Chemiker, Biologen, Pharmazeuten, Physiker an Bauingenieuren. Informatiounen dozou fënns de bei den eenzelen Departementer an um Internet.
[www.library.ethz.ch]



Als Student kriss de Accès net nëmmen zur ETH Bibliothéik, mee zu allen Bibliothéiken an der Schwäiz. Ee Beispill: An der Zentralbibliothéik Zürich, Zähringerplatz 6, 8025 Zürich gëss de och automatesch Member a kanns vun hire Bicher profitéieren.
[www.zb.uzh.ch]

## Krankeversécherung

Well all Lëtzebuerger schonn zu Lëtzebuerg krankeversëchert ass, kann een hei an der Schwäiz e "Gesuch zur Befreiung von der Versicherungspflicht" stellen. Soss muss een an eng Schwäizer Krankekeess abezuelen.

Wat een dofir mécht ass Folgendes: et waart een, bis d'"Städtische Gesundheitsdienste" sech bei engem mellt (normalerweis innerhalb vun dräi Méint). Deene schéckt een dann eng Kopie vu senger europäescher Krankekeesskaart an et fëllt een den Formular aus, datt een sech vun der Versécherungspflicht befreie wëll. Dëse Formular fënns de um Internet.
[https://www.zh.ch/de/gesundheit/krankenversicherung.html#-176410988]

Et schéckt een de "Städtische Gesundheitsdienste" déi ganz Demande, déi dann an d'"Gesundheitsdirektion des Kantons Zürich" weidergeleet gëtt. Dës lescht schéckt der dann och déi definitiv Verfügung, déi 3 Joer gutt ass. Ass een méi laang wéi déi 3 Joer zu Zürech kann een dës nach eng Kéier em 3 Joer verlängeren.



Wann een dann eng Kéier sollt krank ginn, brauch een nëmmen nach d'Schwäizer Dokteschrechnung, mat Mentioun vu senger Adresse a Kontosnummer, zesumme mat enger Kopie vun der europäescher Krankeeesskaart un

Gemeinsame Einrichtung KVG
Industriestrasse 78
CH-4600 Olten
[www.kvg.org]

ze schécken. Wann dat bis geschitt ass, kritt een an Zukunft all seng Schwäizer Dokter- a Medikamenter-Rechnungen direkt vun de Schwäizer an no Schwäizer Recht zeréck bezuelt (déi dann erëm d'Sue vun der Lëtzebuergescher Krankekeess zeréckfroen). Bei grousse Behandlungen ass dat méi wéi de

Lëtzebuerger Tarif an et huet och de Virdeel dass een net muss iwwert déi Lëtzebuerger Krankekeess fueren.

Déi europäesch Krankeeesskaart soll een iwwregens ëmmer bei sech halen.

Wichteg ass awer, dass, soubal een een Akommes an der Schwäiz huet (z.B. als Hëllefsassistent oder duerch ee Studentenjob), déi lëtzebuergesch Krankenversécherung net méi duer geet, an dass ee verflicht ass, eng schwäizer Krankenversécherung ofzeschléissen. Dobäi spillt et keng Roll, wéi niddereg d'Akommes ass. An deem Fall kann een awer eng extra Studentenversécherung huelen, déi een schonn ab ca. CHF 75 pro Mount kritt.
[https://ethz.ch/de/studium/international-einreise-aufenthalt/krankenversicherung/eu.html]



**Rees Lëtzebuerg – Zürech**
Fir vu Lëtzebuerg op Zürech ze fuere ginn et véier Méiglechkeeten:

- Zuch,
- Bus,
- Auto,
- Fliger.

Mam Zuch gëtt et bal all Dag eng gutt Verbindung mat der een am beschten Fall an 4h30, an normalerweis an ënnert 6h den Trajet tëscht Lëtzebuerg an Zürech ka maachen. Meeschtens muss een dann zu Mulhouse an/oder Basel ëmklammen. Präislech ass den Zuch sécherlech net déi bëllegste Variant mat em déi 70€ fir en eenzelen Trajet ouni Reduktiounskaart. Mat der Carte Avantage Jeune kann een awer séier emol 30€ a Frankräich spueren, an dat bei enger Kaart déi een fir 49€ um Site vun der SNCF kritt. Eng weider Reduktioun kann een mat der Halbtax fir 120 CHF am Joer (bzw. 100 CHF nom éischten Joer) an der Schwäiz kréien. De Virdeel um Zuch ass dat een ënnerwee eppes schaffe kann. Präislech kann een och nach e bëssi spueren, wann een den Ticket duerch Frankräich um franséische Site an den Ticket duerch d'Schwäiz um schwäizer Site, hëlt.
[www.sncf.fr] [www.sbb.ch]

Wien gäre méi bëlleg ënnerwee ass kann de Flixbus huelen. Dëse bitt Faarten ab 25€ fir een Wee un. Den Nodeel ass dass dës meeschtens iwwert Nuecht sinn an een also eng Nuecht schlechte Schlof akaaf huele muss.
[www.flixbus.de]

Op een selwer een zu Zürech huet oder net, den Auto ass ëmmer eng interessant Variant, well bal all Weekend een Lëtzebuerger mat sengem Auto heem fiert. Des Faart dauert ongeféier 4:30 Stonnen, ofhängeg vu Chauffeur, Trafic an Streck. Üblecherweis féiert den Trajet ab Lëtzebuerg iwwert déi franséisch Autobunn laanscht Stroossbuerg via Basel an d'Schwäizer Autobunn op Zürech. Alternativ kann een am Ufank duerch Däitschland bis Saarlouis an dann iwwert Landstrooss d'Opfaart Saint-Avold op déi franséisch Autobunn. Ab der Sortie Saverne kann een via Molsheim d'Streck em Stroossbuerg ofkierzen. De Präis vun enger Faart mam Auto ass nieft dem Sprit ronn 15€ fir Péage an Frankräich an 40CHF pro Joer Vignette an der Schwäiz. Ab méi wéi enger Persoun am Auto ass dës Variant also wierklech interessant. Fir Vermëttlung vu Chauffeuren a Passagéier gëtt et eng extra Facebookgrupp.
[https://www.facebook.com/groups/159076227572399]

Mam Fliger gëtt et eng direkt Verbindung vu Lëtzebuerg op Zürech vu Swiss Airlines. Dës ass allerdéngs net grad bëlleg. Wann een Chance huet fënnt een Ticketen ab 70CHF, mat staarken Ënnerscheeder jee no Wochendag an ofhängeg wéi fréi am Viraus een reservéiert. Fir dee Präis krit een awer och dee mat Ofstand séiersten Transport gebueden, grad emol 1 Stonn ass de Fliger an der Luucht.
[www.swiss.ch]







# Den LSZ
## de Club vun de Lëtzebuerger Studenten zu Zürich

Esou wéi an all Studentestad wou vill Lëtzebuerger sinn, gëtt et och zu Zürech en Lëtzebuerger Studentencercel, an dat scho säit iwwert 90 Joer. Den LSZ huet aktuell ronn 120 Memberen.

Eng vun eisen Aufgaben ass et, zukünftege Studente bei hirer Wiel vum Studium an vun der Uni ze hëllefen. An dëser Broschür sinn eng ganz Rei Informatiounen opgezielt, mä villäicht ass net all Fro beäntwert, villäicht wëlls du nach méi Informatiounen zu



engem spezifesche Studiëgank oder du bass dorun interesséiert, dir eng Kéier sur place en Bild vun Zürech ze maachen. Du kanns eis ënner comite@lsz.lu fir allméiglech Froe kontaktéieren. Falls de interesséiert bass Zürech ze besichen, kënne mir dir och eng kleng Féierung duerch d'Uni ginn oder dech mat an eng Virliesung huelen, fir e bëssen um Studenteliewen ze schnupperen.



Fir déi nei Studenten zu Zürech organiséiere mir och e puer Eventer, fir ënner anerem d'Membere vum LSZ awer och d'Stad Zürech besser kennen ze léieren. Zousätzlech kriss du eng Giedel oder en Pätter, déi dech eng Kéier bei sech doheem invitéiere fir z'iessen (du muss awer spullen) an et gëtt wéi och bei anere Studentencercelen eng Daf (looss dech iwwerraschen, et ass net esou schlëmm!).



Eng weider Aufgab vum LSZ ass et, Lëtzebuerger Studenten zu Zürech zesummen ze bréngen, dëst duerch eng ganz Rei Aktivitéiten déi mir iwwert d'Joer plangen. Enner anerem sinn mir sportlech ganz aktiv: mir hunn eng eege Fussballequippe, déi op den Zürecher Hochschulmeisterschaften matspillt; en Basketgrupp, deen sech reegelméisseg trëfft; mir hunn all Joer eng Ekipp op der SOLA, engem Staffellaf vun 114 km zu Zürech. Ausserdeem organiséieren mir all Joer en Schiweekend an e Wanderweekend.



Och kulturell Aktivitéite sti bei eis um Programm. Am Fréijoer ënnerhuele mir eng Clubrees an eng europäesch Stad an op eisem Kulturausfluch gi mir




fir een Dag an eng Stad an der Géigend zu Zürech fir do eng kulturell Sehenswierdegkeet ze besichen.

Ween un en Studentencercel denkt, denkt natierlech och u Fester an Partye, déi natierlech och beim LSZ net feelen. Um Programm stinn do ënner anerem eng Grillparty am Fréijoer, een chicen Owend mat Iessen zu Zürech am Mee (SPL), eng Receptioun beim Ambassadeur zu Bern fir Nationalfeierdag, eisen Intercercle den Clear-the-Bottles am November an en Kleesechersowend am Dezember.









# Zürcher Bal

Zanter 1959 organiséiert den LSZ de 25. Dezember säin traditionellen Zürcher Bal. All Joers kënnen sech déi lëtzebuergesch Studenten no engem laangen an ustrengenden Hierschtsemester um 1. Chrëschtdag an engem chice Kader rëmgesinn a mat enger Coupe Crémant op déi schéin Momenter ustoussen.



Wéi et sech fir e Bal gehéiert däerf eng gutt Stëmmung net ze kuerz kommen. Duerch eng Auswiel un Live Bands, Djs an der enker Kooperatioun mat eisem laangjäregen Partner Codex, déi eis mat der neister Technologie am Beräich vu Lightning a Sound versuergen, probéiert eise Cercle all Joers nees eng flott an eenzegaartег Ambiance ze kreéieren.



Als LSZ sinn mir all Joers nees stolz e Bal fir iwwert 4000 Leit kënnen ze organiséieren an domadden déi lëtzebuergesch Studenten ze réunéiren. Dat ass awer just méiglech wann all Member vun eisem Cercle eng Hand mat upéckt sief et bei der Präparatioun, beim Op- an Ofriichten an virun allem besonnesch wichteg den Owend selwer vum Bal. Vun 9 Auer Owes wann déi éischt Dieren opginn bis Moies fréi um 4 sinn iwwert den Owend verdeelt eng 100 Memberen vun eisem Cercle am Asaatz fir eise Gäscht dee flottste Bal vum Joer ze bidden.



Méi Informatiounen zum Zürcher Bal fënns du op der Internetsäit an an op eisen Social Media Säiten.
Facebook: Zürcher Bal
Instagram: @zuercherbal
[http://zuercherbal.lu]

# Eise Comité 2023-2024



Vu lénks no riets: Frédéric de Pourcq, Louis Mousel, Marwane Rizki, Sarah Hoffmann, Philippe Schaack, Louise Dutrop, Paul Mangers, Anne-Marie Scheuer, Cedric Mulders, Till Winzen, Cédric Delhez, Mathieu Martin







# Weider Informatiounen

Op eiser Homepage fënns de weider intressant Linken zum Thema Studium an Zürech awer och Kontaktdate vum Comité a Membere fir der bei allméigleche Froen ze hëllefen. [www.lsz.lu]

Kuck der och gären eis Social Media Säiten un. Dann kriss de ëmmer mat wat et Neies gëtt am Club an du verpass och näischt.
Facebook: LSZ- Lëtzebuerger Studenten Zürich
Instagram: @lszueri



Méi Informatiounen iwwert eng ganz Rei vun anere Studentestied fënns du am „Guide du Futur Etudiant vun der ACEL an an der Broschür „Let's Engineer" vun der ANEIL fënns de Informatiounen zu deene meeschten techneschen an wëssenschaftleche Studiegänk.[www.acel.lu] [www.aneil.lu]



Den Héichschoulministère steet dir och fir (bal) all Informatioune mat weidere Broschüren a Publikatiounen zur Verfügung.
[www.mengstudien.lu]

Zu Zürech gëtt et och en Internet-Portal vun de Studente mat alle méiglechen Informatiounen.
[www.students.ch]



# All wichteg Adressen op ee Bléck





Eidgenössische Technische Hochschule Zürich (ETHZ)
Zulassungsstelle
ETH Zentrum
CH-8092 Zürich
Tel.: +41 (0)44 633 82 00
Homepage: www.ethz.ch/de/studium/bachelor
www.admission.ethz.ch
E-Mail: zulassung@ethz.ch

Universität Zürich
Universitätskanzlei
Rämistrasse 71
CH-8006 Zürich
Tel.: +41 (0)44 634 1111
Homepage: www.uzh.ch
E-Mail: kanzlei@uzh.ch
Zulassungstelle
Tel. +41 44 634 22 36
E-Mail: admission@uzh.ch

Étudiants Luxembourgeois à Zurich a.s.b.l. (LSZ)
Postfach: Hauptgebäude ETH
CH-8092 Zürich
Homepage: www.lsz.lu
E-Mail: comite@lsz.lu

Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois (ACEL)
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: www.acel.lu
E-mail: contact@acel.lu
Tel.: +352 20 60 84 84

Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois (ANEIL)
6, bd Grande-Duchesse Charlotte
L-1330 Luxembourg
Homepage: www.aneil.lu

Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche
18-20 Montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tel.: +352 247 88650
Homepage: www.mengstudien.lu
E-Mail: etudes@mesr.etat.lu

Ambassade du Luxembourg
Monsieur Jean-Claude Meyer
Ambassadeur extraordinaire et plénipotentiaire
38, Sulgenauweg
CH-3007 Bern
Tel.: +41 (0)31 311 4732 oder +41 (0)31 311 6876

E-mail: berne.amb@mae.etat.lu
E-mail Konsulat: berne.consulat@mae.etat.lu

Ambassade de Suisse
Immeuble Forum Royal
25a, Boulevard Royal
3ème étage
L-2449 LUXEMBOURG
Tel.: +352 22 74 74-1

Adresse postale:
Ambassade de Suisse
B.P. 469
L-2014 Luxembourg
E-mail: luxembourg@eda.admin.ch
http://www.eda.admin.ch/countries/luxembourg

An hei nach e puer Adresse vu weidere Schoulen zu a ronderëm Zürech:

HSR Hochschule für Technik Rapperswil
Oberseestrasse 10
Postfach 1475
CH-8640 Rapperswil
Tel.: +41 (0)55 222 4111

Homepage: www.hsr.ch
E-Mail: office@hsr.ch

Zürcher Hochschule der Künste
Pfingstweidstrasse 96
CH-8005 Zürich
Tel.: +41 (0)43 446 4646 (Zentrale)

Homepage: www.zhdk.ch
E-Mail: info.admin@zhdk.ch

Kaderschule Zürich
(in der Kantonschule Enge)
Rosenstrasse 5
CH-8400 Winterthur
Tel.: +41 (0)44 284 2080

Homepage: www.kszh.ch
E-Mail: sekretariat@kszh.ch

Zürcher Hochschule für Angewandte Wissenschaften
Technikumstrasse 9
CH-8401 Winterthur
Tel: + 41 (0)58 934 71 71

Homepage: www.zhaw.ch

All dës Schoulen huelen Ausländer un, mee et sollt een sech awer vergewësseren ob a wéi d'Diplomer hei zu Lëtzebuerg oder an Europa unerkannt sinn.







# Eis Sponsoren

## Gold Sponsoren

PAUL WURTH
SMS group

proximus
tango telindus

Schroeder & Associés

BEISSEL & RUPPERT
ENGINEERING AND CONSULTING

## Sëlwer Sponsoren

CFL

a+p kieffer omnitec

pwc

L.S.C. Engineering Group

## Bronze Sponsoren

SPUERKEESS

TR Engineering ingénieurs - conseils

MANGHINI beyond advisory.

DUPONT™

BEST INGENIEURS-CONSEILS

# Impressum

### Editeur
Lëtzebuerger Studenten Zürech a.s.b.l.
2, avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Homepage: www.lsz.lu
E-Mail: comite@lsz.lu

### Redakteren

| | |
|---|---|
| Editioun 2000 | Christian Cortina, Sophie Maurer, Luc Zwank et al. |
| Update 2001 | Caroline Heintz, Françoise Molitor, Véronique Gondoin, Michel Dhur, Gilles Radrizzi, Benoît Steinmetz, Brian Burg, Oliver Offermann, Philippe Osch, Jérôme Peeters, Mathis Bruck |
| Update 2002 | Mike Dusseldorf, Brian Burg, Gilles Radrizzi, Oliver Hames |
| Update 2004 | Brian Burg, Anne Feidt |
| Update 2005 | Philippe Kieffer, Steve Heinen, Yves Leiner |
| Update 2006 | Robert Cuny, Vincent Diederich, Isabelle Henschen, Philippe Kieffer, Nicolas Jost, Gil Georges, Annick Schmartz |
| Update 2007 | Robert Cuny, Stéphanie Michels |
| Update 2008 | Daniel Michels, Claude Leyder |
| Update 2009 | Anne Claude, Isabelle Maassen, Luc Oth |
| Update 2010 | Claude Pletsch, Christoph Reckinger |
| Update 2011 | Jean-Michel Sassel |
| Update 2012 | Maurice Delcourt, Marc Sinner |
| Update 2013 | Marc Sinner |
| Update 2014 | Charel Antony, Louis Wagner |
| Update 2015 | Kevin Huberty, Laurent Heyder |
| Update 2016 | Kevin Huberty |
| Update 2017 | Olivier Goerens, Joé Hoffmann |
| Update 2018 | Rafael Lombardi, Charel Thull |
| Update 2019 | Philippe Bechtold, Pol Eyschen, Pit Bechtold, Joé Wengler |
| Update 2020 | Christine Lenertz, Pit Bechtold |
| Update 2021 | Sacha Thill, Pit Reckinger |
| Update 2022 | Felix Schoellen, Cedric Mulders |
| Update 2023 | Cedric Mulders, Till Winzen |

### Originale Layout an Design
Isabelle Maassen, Max Schmitz (REEL.org asbl.)

### Layout an Design
Max Schmitz

### Fotoen
Ale Ceci, alex.ch, belpo, Benny Huberty, Blue Funnies, Caramdir, caribb, coyote-agile, eGuide Travel, Hideo Breden, Isabelle Henschen, Jules Petit, Max Schmitz, Peter Alfred Hess, Lisa Schweig, www.ethz.ch, yago1.com

E speziele **Merci** un den Dr. Martino Luginbühl, eemolegen Studienberater vun der ETH Zürich.




# ACEL- De Studentevertrieder

**Mir sinn fir dech do!**
**Virun, wärend an no dengem Studium!**


ACEL
de Studentevertrieder

## INFORMATIOUN



Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.

Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.



## REGRUPPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cercle an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN



Mir sinn am reegelméissegen Kontakt mat de Ministèren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.

contact@acel.lu  www.acel.lu  @acelluxembourg

ACEL - de Studentevertrieder  ACEL - de Studentevertrieder



Lëtzebuerger Studenten Zürich









